Gewerkschaftspräsident Raymond Juchem bedankte sich beim Vorstand der Pensionierten-Sektion für deren unermüdlichen Einsatz im Interesse der Gewerkschaft und ihrer Mitglieder. Er wies zudem auf die beiden nächsten Ausflüge im Jahr 2025 hin und ermutigte die Anwesenden, möglichst zahlreich daran teilzunehmen. Anschließend informierte er über verschiedene Themen, die beim diesjährigen Kongress im Mittelpunkt stehen werden. Die anstehenden Sozialwahlen, die fragwürdige Rolle des Patronats, die aktuell viel diskutierte Rentenfrage, die Affäre Nickts sowie viele weitere wichtige Themen würden im Rahmen des Kongresses zur Sprache kommen.

Der Präsident betonte, dass mehr denn je entscheidende und richtungsweisende Jahre für die Briefträgergewerkschaft bevorstünden und Raymond Juchem merkte auch an, dass man sich – angesichts bevorstehender Pensionierungen wichtiger Mitglieder des Exekutivvorstands – allmählich ernsthafte Gedanken über die zukünftige Ausrichtung der Briefträgergewerkschaft machen müsse.

**Aus Anlass ihres 85. und 75. Geburtstag bedankte sich der Vorstand der Pensionierten-Sektion bei unseren langjährigen Mitgliedern für ihre Treue zur Gewerkschaft. Die geehrten Mitglieder erhielten einige gute Flaschen von der Luxemburger Mosel.**

**Für 85 Jahre wurden geehrt :**

Strotz Robert	Esch/Alzette
Thill-Luck Prosber	Luxembourg

**Für 75 Jahre wurden geehrt:**

Ernzer Paul	Sanem
Karier Théo	Wiltz
Kill Jos	Mersch

**Die Pensionierten-Sektion der BG, ein wichtiger Bestandteil von unserer Gewerkschaft!**



Neuer Partner  
der Briefträger-  
gewerkschaft

PÂTISSERIE  
**HOFFMANN**  
LUXEMBOURG



Monsieur Hoffmann et nos cake designers, présentant notre gâteau pour les 75 ans de la déclaration Schuman lors de la fête de l'Europe



Nouvelle pâtisserie, l'éclair pistache-kadaif

## L'EXCELLENCE PÂTISSIÈRE LUXEMBOURGEOISE DEPUIS 1991.

Depuis plus de 30 ans, la Maison Hoffmann incarne le meilleur de la tradition pâtissière luxembourgeoise. Fondée à Bonnevoie en 1991 par Jean-Marie Hoffmann, artisan passionné au savoir-faire reconnu bien au-delà des frontières du Grand-Duché, l'enseigne familiale s'est construite autour de valeurs fortes : exigence, authenticité, générosité et amour du métier.

Ce qui a commencé dans un petit atelier de quartier est aujourd'hui devenu une véritable référence dans l'univers de la pâtisserie, de la boulangerie et de la viennoiserie artisanales. Chaque jour, dans nos propres ateliers, nos équipes élaborent avec soin des produits faits maison, à partir d'ingrédients sélectionnés avec la plus grande rigueur.

Chez Hoffmann, rien n'est laissé au hasard : du feuilletage d'une viennoiserie dorée au four, à l'équilibre subtil d'un entremet, en passant par la fermentation lente de nos pains au levain naturel, chaque création reflète un profond respect du produit, du goût et de la tradition.

Au fil des années, la Maison s'est agrandie sans jamais perdre son âme. Aujourd'hui, nos 19 boutiques réparties à travers le Grand-Duché du Luxembourg accueillent une clientèle fidèle et exigeante, en quête de saveurs authentiques, d'une qualité constante et d'un accueil chaleureux.

La Maison Hoffmann, c'est aussi un service traiteur fait maison, avec un menu différent chaque jour. Des plats frais, savoureux et de saison, à emporter pour vos pauses déjeuner ou vos événements sur mesure.



Ouverture de notre dernier magasin, à la Cloche d'Or



Nouvelle gamme de macarons

ALZINGEN  
(+352) 26 361 361

BRIDEL  
(+352) 33 82 12

ECHTERNACH  
(+352) 72 01 16

NEUDORF  
(+352) 26 68 77 44

SANDWEILER  
(+352) 35 59 10

BELAIR  
(+352) 44 07 07

CLOCHE D'OR  
(+352) 26 47 77

GREVENMACHER  
(+352) 75 82 97

MERSCH (TOPAZE)  
(+352) 32 57 07

WORMELDANGE  
(+352) 76 05 76

BETTEMBOURG  
(+352) 26 52 33 20

DICKS  
(+352) 48 44 70

HOWALD  
(+352) 48 09 51

MONDORF  
(+352) 26 67 09 03

WECKER  
(+352) 26 71 05 12

BONNEVOIE  
(+352) 49 35 79

DUDELANGE  
(+352) 26 51 29 30

JUNGLINSTER  
(+352) 26 78 09 57

PORTE-NEUVE  
(+352) 22 90 09

Egalement en Click&Collect sur [www.patisserie-hoffmann.lu](http://www.patisserie-hoffmann.lu) et sur



PÂTISSERIE  
HOFFMANN  
LUXEMBOURG

“Chaque création reflète  
un profond respect du produit,  
du goût et de la tradition.



# Ehrung von zwei verdientvollen Mitgliedern

## Michel Roger und Karier Théo

Im Rahmen des diesjährigen Kongresses fanden auch Ehrungen statt. Präsident Michel Roger und Sekretär Karier Theo von der Pensioniert-Sektion wurden für ihre langjährigen und bedeutenden Verdienste im Interesse der Briefträgergewerkschaft beziehungsweise der Pensionierten-Sektion ausgezeichnet.

Karier Theo war nahezu während seiner gesamten Laufbahn gewerkschaftlich aktiv – ein außergewöhnliches Engagement, das nicht hoch genug geschätzt werden kann. Präsident Michel Roger übernimmt zudem die anspruchsvolle, aber ehrenvolle Aufgabe, bei Beerdigungen zu Ehren der Verstorbenen die Gewerkschaftsfahne zu tragen. Juchem Raym überreichte beiden im Namen der Briefträgergewerkschaft ein passendes Geschenk und wünschte ihnen beste Gesundheit – in der Hoffnung, dass sie der BG beziehungsweise der Pensionierten Sektion auch weiterhin verbunden bleiben.



Théo Karier

Michel Roger

# FNML (Fédération de la Mutualité Luxembourgeoise)

## Würdige Geste an die Briefträgergewerkschaft beim diesjährigen Kongress

Eine sehr angenehme und zugleich unerwartete Überraschung kam dann von Seiten der FNML (Fédération de la Mutualité Luxembourgeoise). Generalsekretär Guy Modert und Vizepräsident Alain Nickels überreichten der Briefträgergewerkschaft das Jubiläumsbuch der FNML anlässlich ihres 100-jährigen Bestehens. Diese Geste erfolgte als ein Zeichen der Anerkennung dessen, dass die Briefträgergewerkschaft das hundertjährige Jubiläum der FNML auf dem Briefträgerkalender 2024 thematisiert hatte. Die Briefträgergewerkschaft bedankt sich herzlich bei der FNML und ihren Vertretern für diese aufrichtige und wertschätzende Geste.



Guy Modert

Alain Nickels

# Gehälterabkommen der CGFP

## Lohnverbesserungen für die Bediensteten im öffentlichen Dienst

Erneut ist es der CGFP gelungen, in den Verhandlungen mit Minister Serge Wilmes ein zufriedenstellendes Gehälterabkommen im Sinne der Beschäftigten im öffentlichen Dienst zu verhandeln. Wie bereits bei früheren Abkommen hat die CGFP auch diesmal die finanziell angespannte Lage des Landes berücksichtigt und dabei eine verantwortungsvolle Haltung eingenommen. Angesichts der Tatsache, dass die CGFP jedoch schon bei den beiden vorherigen Gehälterabkommen eine zurückhaltende und rücksichtsvolle Haltung eingenommen hatte, war es nun dennoch an der Zeit, trotz dieser bekannten Rücksichtnahme, unter anderem eine berechnete Erhöhung des Punktwertes zu fordern. Das neue Abkommen hat eine Laufzeit von zwei Jahren für die Jahre 2025 und 2026 und umfasst insgesamt 19 Maßnahmen, die die Beschäftigten des öffentlichen Dienstes, sowie die Beamten in den öffentlichen Unternehmen betreffen. Die wichtigsten Punkte des Abkommens sind die folgenden:

- Eine Erhöhung des Punktwertes um 2 % im Jahr 2025
- Eine zusätzliche Erhöhung des Punktwertes um 0,5 % im Jahr 2026

- Eine Aufwertung der P.A.R.P.-Posten um 7 Punkte

Weitere für die Beamten interessante Bestandteile des Abkommens betreffen insbesondere die Laufbahn des Employé d'État sowie die der Lehrerinnen und Lehrer. Hervorzuheben ist dann auch die Erhöhung der Zinssubvention, ein besonders relevanter Aspekt des Abkommens angesichts der aktuell schwierigen Lage im Immobiliensektor. Für Beamte, die den Erwerb einer neuen Wohnung in Erwägung ziehen, stellt diese Maßnahme dann auch eine spürbare finanzielle Unterstützung dar. Ein bedeutender Erfolg für die CGFP ist zweifellos auch das Zugeständnis des Ministers, vier wichtige Arbeitsgruppen zu zentralen Themen, direkt im Gehälterabkommen zu verankern. Auf den folgenden Seiten findest Du das vollständige Abkommen, das am 30. April in der Abgeordnetenkammer einstimmig von allen 60 Abgeordneten sämtlicher Parteien angenommen wurde.

Auch in Zukunft soll die CGFP die alleinige Gewerkschaft bleiben, die im Interesse der Beschäftigten im öffentlichen Dienst, die Gehälterabkommen mit dem zuständigen Minister aushandelt!



**20, UM WOELLER L-4410 SOLEUVRE**  
**TÉL. 26 58 10 06 INFO@AUTODESIGN.LU**

# VINORA

Wine bar & Shop  
**by Rossi**

**NOUVEAU**  
À BERTRANGE

**5, Beim Schlass | L-8058 Bertrange**

**f** Vinora - Wine bar & Shop

**ig** vinora\_luxembourg

# Accord salarial dans la Fonction publique

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, représenté par le Ministre de la Fonction publique, Monsieur Serge Wilmes, et la Confédération générale de la Fonction publique, représentée par son Président fédéral, Monsieur Romain Wolff, et par son Secrétaire général, Monsieur Steve Heiliger, ont convenu ce qui suit, sous réserve que les éventuelles modifications législatives trouvent l'assentiment de la Chambre des députés :



1. Les valeurs respectives du point indiciaire sont augmentées de 2 % avec effet à partir du 1er janvier 2025 et de 0,5 % avec effet à partir du 1er janvier 2026.
2. Les majorations d'échelon pour postes à responsabilités particulières et pour fonctions dirigeantes seront augmentées de 7 points indiciaires avec effet à partir du 1er janvier 2025. Les ministères et les administrations identifieront, en concertation avec la représentation du personnel, dans leur organigramme respectif, qui doit être consultable par les agents, les postes à responsabilités particulières.
3. Les employés de l'État accéderont au régime de pension des fonctionnaires de l'État après 12 années de service à compter de l'entrée en vigueur du contrat de travail ou à partir de l'âge de 55 ans.
4. Les employés de l'État auront la possibilité d'être admis au statut de fonctionnaire de l'État après avoir accompli au moins 10 années de service à compter de la date d'engagement auprès de l'État en qualité d'employé.
5. Le montant maximal éligible pour bénéficier de la subvention d'intérêt ainsi que la période d'amortissement, prévus par la loi sur le régime des traitements, seront augmentés à respectivement 400.000 € et 25 années, avec effet à partir du 1er janvier 2026.
6. Les leçons supplémentaires des enseignants seront rémunérées à hauteur du taux normal des leçons d'enseignement. Le coefficient correcteur 36/52 appliqué aux leçons supplémentaires sera aboli. Le titulaire de classe dans l'enseignement fondamental bénéficiera d'une prime forfaitaire de 185€ au nombre 100 de l'indice pondéré du coût de la vie au 1er janvier 1948.
7. Un projet de loi, applicable à l'ensemble des administrations, services et établissements publics, sera élaboré en concertation avec la Chambre des fonctionnaires et employés publics, pour déterminer les dispositions communes applicables aux observateurs aux examens, notamment leurs rôle et mission, la formalisation de leur nomination, l'alignement des délais de convocation et du degré d'information entre les observateurs et les autres membres d'une commission d'examen, la dispense de service ainsi que leur indemnisation. Le subsidie pour observateurs passera de 37.185 € à 65.000 € par année et sera adapté à l'indice des prix à la consommation.
8. La convention relative à la cantine, qu'exploite la structure gestionnaire de CGFP-Services pour le compte de l'État-employeur, sera adaptée ou renouvelée, d'un commun accord, en garantissant au minimum le maintien du niveau de qualité actuellement en place, tout en tenant compte des recommandations de l'IGF. Si, dans la suite, la participation budgétaire de l'État devait s'avérer insuffisante pour couvrir les besoins fondés liés à l'exploitation de la cantine, le Gouvernement s'engage à adapter le crédit budgétaire y relatif.
9. La convention relative aux crèches, qu'exploite la structure gestionnaire de CGFP-Services pour le compte de l'État-employeur, sera adaptée ou renouvelée, d'un commun accord, en garantissant au minimum le maintien du niveau de qualité actuellement en place, tout en tenant compte des recommandations de l'IGF. Si, dans la suite, la participation budgétaire de l'État devait s'avérer insuffisante pour couvrir les besoins fondés liés à l'exploitation des crèches, le Gouvernement s'engage à adapter le crédit budgétaire y relatif.
10. Dans la suite de l'accord salarial du 15 juillet 2011, le Gouvernement s'engage à déployer tous les efforts nécessaires pour faciliter la recherche d'un site approprié, à proximité des administrations publiques du site Belval, pour la mise en place d'une troisième crèche.
11. Un droit à un congé sans traitement ou d'indemnité pour raisons professionnelles sera introduit pour les

- fonctionnaires qui seront admis au stage dans un autre groupe de traitement et pour les employés qui seront admis au stage de fonctionnaire. Au terme du congé sans traitement ou d'indemnité pour raisons professionnelles, les règles normales de réintégration s'appliqueront.
12. Le Ministre de la Fonction publique aura, pendant la durée du présent accord, des négociations avec les organisations professionnelles affiliées à la CGFP relatives à leurs revendications sectorielles.
  13. Les fonctionnaires du groupe de traitement B1, ayant accédé le groupe de traitement A2 par le biais du changement de groupe de traitement, bénéficieront d'une dispense du cycle de formation préparatoire en cas d'accès au groupe de traitement A1 par la même voie. La même mesure s'appliquera aux employés de l'État du groupe d'indemnité B1.
  14. La procédure de conciliation et de médiation, prévue par la loi modifiée du 16 avril 1979 portant réglementation de la grève dans les services de l'État et des établissements publics placés sous le contrôle direct de l'État, sera rendue applicable aux agents de l'État qui n'ont pas le droit de faire grève. La commission de conciliation sera compétente pour trancher in limine litis la recevabilité d'une procédure de conciliation lancée par une organisation syndicale. Les dispositions relatives à la procédure de conciliation et de médiation, actuellement prévues dans un règlement grand-ducal, seront intégrées dans la loi.
  15. Les employés de l'État accéderont au régime disciplinaire des fonctionnaires de l'État au terme de la période d'initiation.
  16. Un groupe de travail sera institué au cours de l'année 2025 en vue d'élaborer des propositions destinées à améliorer le mécanisme du changement de groupe de traitement ou d'indemnité.
  17. Un groupe de travail sera institué au cours de l'année 2025 en vue d'identifier les forces et faiblesses de respectivement l'examen de promotion et l'examen de carrière des fonctionnaires et employés de l'État.
  18. Un groupe de travail sera institué au cours de l'année 2025 afin d'étudier une harmonisation des écarts entre les différents groupes de traitement ou d'indemnité.
  19. Un groupe de travail sera institué au cours de l'année 2025 afin de discuter la mise en place d'une loi cadre pour les établissements publics.
  20. Le Gouvernement s'engage à déposer jusqu'au 1er mars 2025 au plus tard, un projet de loi transposant les points 1 et 2 (alinéa 1er) du présent accord.
  21. Le Gouvernement s'engage à déposer jusqu'au 1er avril 2025 au plus tard, un projet de loi transposant les points 3 et 4 du présent accord.
  22. Le Gouvernement s'engage à déposer jusqu'au 1er mai 2025 au plus tard, un projet de loi transposant le point 5 du présent accord.
  23. Le Gouvernement s'engage à déposer jusqu'au 1er mai 2025 au plus tard, un projet de loi transposant le point 6 du présent accord.
  24. Le Gouvernement s'engage à déposer jusqu'au 1er octobre 2025 au plus tard, un projet de loi transposant le point 7 du présent accord.
  25. Le Gouvernement s'engage à déposer jusqu'au 1er mai 2025 au plus tard, un projet de loi transposant les points 11 et 13 du présent accord.
  26. Le Gouvernement s'engage à déposer jusqu'au 1er juillet 2025 au plus tard, un projet de loi transposant le point 14 du présent accord.
  27. Le Gouvernement s'engage à déposer jusqu'au 1er octobre 2025 au plus tard, un projet de loi transposant le point 15 du présent accord.
- Toutes les mesures énumérées ci-dessus seront appliquées mutatis mutandis aux employés de l'État, aux fonctionnaires stagiaires, aux volontaires de l'Armée ainsi qu'aux agents des établissements publics assimilés aux fonctionnaires ou employés de l'État.
- Le présent accord porte sur les années 2025 et 2026.

Fait à Luxembourg, le 29 janvier 2025

**Romain Wolff**

**Président de la Confédération générale de la Fonction publique**

**Steve Heiliger**

**Secrétaire général de la Confédération générale de la Fonction publique**

**Serge Wilmes**

**Ministre de la Fonction publique**

# Presentatioun vum Bréifdréieschkalenner D'Mataarbechter vun der POST – all Dag am Asaz am Interessi vu Bierger a Land



Den 18. Dezember war am Siège vu POST Lëtzebuerg "D'Editioun 2025 vum Bréifdréieschkalenner," virgestallt ginn. Dat a Präsenz vum Wirtschaftsminister Lex Delles, vum President vum Verwaltungsrot dem Serge Allegrezza, vum Claude Strasser, dem Generaldirekter vu POST Lëtzebuerg, eenzelne Memberen aus dem Verwaltungsrot an dem Direktiounscomité vu POST Lëtzebuerg, vum Steve Heiliger, dem Generalsekretär vun der CGFP, vum Eugène Kirsch, dem Éierepresident vun der Bréifdréieschgewerkschaft, vum Mike Orazi, dem President vun der Amicale POST Lëtzebuerg, a ville Gewerkschaftskolleegen esou wéi den Delegierter vun der BG, respektiv de Formateuren a villen Invitéen.

Nodeems de Generaldirekter Claude Strasser d'Invitée begrüsst hat, an op de Stellwäert vum Bréifdréieschkalenner higewisen hat, war et dann um President vun der Bréifdréieschgewerkschaft fir sech un déi vill Invitéen ze wenden.

De Raym Juchem huet ugangs senger Ried direkt betount, dass mir als Bréifdréieschgewerkschaft fannen, dass et elo definitiv un der Zäit war, fir eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter vun der POST d'ëst Joer an de Vierdergrond ze setzen, a si op eise Bréifdréieschkalenner ze éieren.

No laange Jore wier d'Personal vun der POST et also, fir dat mir berechtigterweis d'ëst Joer um Bréifdréieschkalenner géinge sensibiliséieren. 182 Joer Success Story vun der POST wieren dann och definitiv keen Zoufall, an dat hätt seng Grënn an Originnen, esou de President vun der BG.

## POST Lëtzebuerg: Eng Success-Story an dat huet seng Grënn!

Déi da wieren:

Éischtens emol, dass vill Direkteren respektiv Exekutivcomitéen, mat dem Soutien vu Verwaltungsreit iwwee laang Joren, manifestement, vill richtig Decisioune getraff haten!

Zweetens, dass vill Regierungen, ëmmer zu der Administration des Postes et Télécommunication stoungen, wat d'Post bekanntlech bis 1992 war. Duerno deen erfollegräichen Etablissement publique ginn ass, an dass dann ab d'ëser Zäit d'Regierungsmemberen der Direktioun de Réck gestäipt a vertraut hunn, a POST Lëtzebuerg viru Jore mat Recht, eben net den europäesche Wee vun der postalescher Privatiséierung respektiv der paralleler Spléckung vun den Entitéiten gaangen ass, wéi dat bekanntlech bei villen aneren auslännesche Postbetreiber de Fall war.

Drittens, a mat Sécherheet net manner wichteg, dass staark an engagéiert Gewerkschaftler a Gewerkschaften do wa-



ren, déi elo schonn iwwer laang Joren all wichteg postalesch Dossieren an Decisiounen analyséiert hunn, an och intensiv, am allgemengen Interessi matgeschafft hunn. A wann et an eenzelne Fäll dann emol néideg war, da vun hire gewerkschaftleche Moyenen Gebrauch gemaach hate, fir schlussendlech d'Interessie vun de Mataarbechter, mee duerchaus och vun der Post, ze garantéieren.

Véiertens, a last but not least, a mam Wëssen, dass et ouni Gromperen nun emol keng Fritte ginn, dass eben definitiv vill motivéiert an engagéiert Mataarbechter a Mataarbechterinnen do waren, déi mat vill Schweess an Engagement alles ëmgesat hunn, wat an den ieweschte Gremien decidéiert ginn ass, an duerch hier fantastesch Aarbecht et schlussendlech eréischt erméiglecht gouf, dass d'Success Story vun der Post konnt geschriwwen ginn.

### Am Déngscht vum Land

De Raym Juchem huet dann op en Neits drop higewisen, wéi wichteg den Etablissement Publique och fir d'Staatskeess ass.

Zënter 1992 ass d'Post, reng mat Bléck op d'Investissementer, scho laang am Milliardeberäich ukomm, a wou POST da reegelméisseg ganz héich Geldzommen am Interessi vu Land a Bierger an d'Zukunft vum Land investéiert huet. Bei quasi all de Lëtzebuurger Bierger, an a ganz ville Betriber ass POST hautdesdaags net méi ewech ze denken, an deels esouguer onverzichtbar ginn, an dat wéinst eise villen a performanten Déngschtleschtungen. Dat da schonn eleng duerch déi sëlleg wichteg Déngschtleschtunge vun eise Bréifdréierinnen a Bréifdréier. All Dag, an dat am ganze Land, geet wéinstens ee Postmatarbechter laanscht all Hausdier, wat duerchaus e käschenintensiven Opwand fir d'Post ass, mee vis-à-vis vun der Konkurrenz dann awer e grouse kommerzielle Virdeel duerstellt, deen een op laang Siicht eventuell nach besser misst nützen.

D'Bréifpost, duerch d'Prestatioun vum service universel, d'Porteurs de journaux vum Reseau vun der Verdeelung vun den Dageszeitungen, eise performante Colisreseau, eis Leit am Tri zu Beetebuerg oder an der Logistikal zu Munsbach, deemno vill Personal, déi definitiv all Dag eng wichteg Aarbecht garantéieren.

Selbstverständlech dann och eis vill Guichetieren am ganze Land, déi eng gutt a clientsorientéiert Aarbecht an de Postbüroer respektiv den Espaces Poste prestéieren, eis gutt forméiert Technologies-Leit, natierlech déi vill Mataarbechter déi z.B. de Garant vun eise performante Sécherheetssystemer sinn, respektiv fir den IT-Beräich verantwortlech sinn. Net vergiesse soll een déi vill Mataarbechter, déi d'Australe vum beschten nationale Fernsehbidder POP TV garantéieren an och installéieren, a wéinst all deem si mir als POST, definitiv net méi aus den Haushalter respektiv aus sëllege Betriber ewech ze denken, a wou awer duerchaus dann och nach Steigerungspotential denkbar ass.

### Vill héichwäerteg an onverzichtbar Déngschtleschtungen!

Dann den Hiweis op eise 5G-Reseau an de Glasfaserreseau, eng milliardenhéich Investitioun am Interessi vum Land, an e Reseau dee sengesgläiche sicht, an net fir näischt de beschten a performantste Reseau am Land ass, a wou vill gutt Mataarbechter dësen héichwäertegen Service Dag fir Dag garantéieren. Dofir erënneren ech och gären drun, a wat haut schonn als absolut normal ugesi gëtt, dass mir als Post och indirekt de Garant vum vill diskutéierten, mee wichtegen a verkéiersberouegenden Teletravail sinn.

Natierlech och den Hiweis, dass POST des ëfteren seng sozial Responsabilitéit iwwerhëlt, well bei eis kritt, entgéint der Situatioun wéi bei de Banken, z.B. quasi jiddereen, also och en Demandeur d'asyle, ouni vill Gedeessesems, mat der Hëllef vun eise Mataarbechter aus dem Réseau vente ganz schnell e Konto op der POST agericht.

Schlussendlech dann e Bléck op eis Mataarbechter bei de Ressources Humaines, déi e.a. an der Kommunikatioun fir déi flott Aussenduerstellung vun der POST verantwortlech sinn, an d'RH-Matarbechter, déi intern am Betrib eng wesentlech Aarbecht leeschten a garantéieren, dass esou munch Projeten beschtens ëmgesat kënnen ginn. Si sinn parallel dann och responsabel fir ënner anerem déi wichteg Gerance vu Congé, Lafbunn an de Salaire. Wa mir als BG jo reegelméisseg behaupten, dass den Tri zu Beetebuerg d'Häerz vu Post Courier ass, esou ass den RH dat Blut, wat benéidegt gëtt fir dass d'Häerz, spréich d'Post, dann iwwerhaupt ka korrekt funktionéieren. An alles dat, wat iwwer déi lescht Joren am Postbetrib erreecht ginn ass, war schlussendlech nëmme mat eisem wichtege Personal ëmsetzbar, déi bei de villen Projeten ëmmer erëm hu misse mat op den Zuch opsprangen, a wat, wéi mer jo alleguer wëssen, fir vill Mataarbechter a Mataarbechterinnen aarbechtsintensiv an deels zermürend war.

### Eng Geschicht mat grousser Traditioun

De Raym Juchem huet a senger Ried och drop higewisen, dass hien a senger Funktioun als Gewerkschaftspräsident vun der gréisster postalescher Gewerkschaft an der Vergaangenheet oft vun der ominéiser Postfamill geschwat huet, an dat, well een sech ënnert den Aarbechtskolleegen am Alldag oft esou gefillt huet, a grad dësen Zesammenhalt war iwwer laang Joren, da parallel ee vun de Garanten vun der Success Story vu POST Lëtzebuerg.

A jidderee weess, dass an enger Famill esou munches vill méi einfach ass, a fir z.B. schwéier Hürden ze meeschteren, well Famill eben net nëmme en einfacht eidelt Wuert ass, mee prinzipiell och de wichtegen Zesammenhalt an d'Hëllef a schwéiere Situatiounen symboliséiert.

Dofir bleift mä perséinleche Wonsch e.a. och deen, dass et wichteg wier, wann de Numm Famill, respektiv dat Zesummeliewe vun eise Mataarbechter a Mataarbechterinnen

an Zukunft erëm vill méi an de Käpp vum Management, a virun allem bei eise Mataarbechter gestärkt a gelieft géif ginn, a mat punktuellen Aktiounen opgefrescht géif ginn. Och wann dat dann e puer Euro kascht, mee dat wieren aus menger Siicht dann awer ganz gutt investéiert Suen.

### E kuerze Réckbléck wéi d'Success Story vun der POST dann iwwerhaapt ugaang ass:



Den 20. August 1842 gouf den Arrêté Grand Ducal iwwer d'Organisatioun vun der Administration des Postes, ënnert der Herrschaft vun dem hollännesche Kinnek, dem Guillaume II. ënnerschriwwen, an d'POST gouf dunn offiziell an d'Liewe geruff.

D'Bréifdréier sinn zu där Zäit, an RSE-virbildlech, mam Pärerd a mat der Postkutsch duerch d'Land gefuer, an hunn och schonn deemools, ënner sécher net onbedéngt ergonomeschen Aarbechtskonditiounen, Bréiwer, Päck an Zeitunge verdeelt. Dat och schonn deemools bei schlechtem Wieder, wat weist, dass et e Beruff ass, dee sech a senger Hauptmissioun iwwer 182 Joer quasi net verännert huet, well d'Verdeelung vun de Bréifer, den Zeitungen an eben de Päck och haut nach d'Kärmissioun vum Beruff vun der Factrice an dem Facteur duerstellen. An ech sinn iwwerzeugt, dass et deemools och schonn eng Zort PackupHome gouf, well Bréifboîte waren e ganz raren Artikel.

Dass d'Kärmissioun vum Beruff, à la base da wéineg changéiert hunn, muss wuel onweigerlech eppes mat der relevanter Aarbecht, dem héije Stellwäert, an eben der onverzichtbarer Aarbecht vum Beruff vum Bréifdréier ze dinn hunn. A wéi sote rezent zwee Deputéierter beim Verabschiede vun engem Gesetzestext an der Chamber, a wou eis Carrière, no laange Verhandlung vum Bréifdréieschgewerkschaft, bei engem Vote vu 60 zu 0, zu Gonschte vun de Bréifdréier am öffentleche Statut, berechtigterweis em 12 Punkten opgewäert gouf: Si hunn, op de wichtegen, mee oft ënnerschätzten a schwéiere Beruff vum Bréifdréier higewisen,

deem parallel eng wichteg sozial Roll an eiser Gesellschaft zoukënn. Dës sozial Roll vum Beruff gëtt leider nach ëmmer oft ënnerschätzt, well se ebe keng Recette generéiert, mee doduerch net manner wichteg ass, an der POST awer eng ganz wichteg a positiv Aussenduerstellung garantéiert.

### Bréifdréier - en onverzichtbare a schwéiere Beruff

Am Oktober hunn also 60 Deputéierter dësem Gesetz, deemno ouni Géigestëmm am Parlament zougestëmmt, an dat ënnermauert de Stellwäert vum Beruff, mee och, dass déi 300 Bréifdréier a Bréifdréierinnen mat hirem aktuelle Recours um Verwaltungsgericht, wuel net esou falsch leien, an dass duerchaus Hoffnung besteet, fir dass déi finanziell Diskriminéierung vun eise wäertvolle Beruff, iergendwann en Enn huet.

Wann an där positiver Form, wéi rezent an der Chamber iwwer de Métier vum Bréifdréier, a schlussendlech der Post geschwat gëtt, an eist Personal, wéi dat elo de Fall war, manifestement am Parlament gelueft gëtt, da soll eise Management dat och duerchaus als Kompliment gesinn, och wann d'Ëmsetzung vum Gesetz d'Post elo Geld wäert kaschten.

Ech behaupten emol ganz nonchalant, dass eis Bréifdréier a Bréifdréierinnen sech dat duerch hiren irreprochablen Asaz iwwer laang Joren duerchaus verdéngt hunn, mam eenzege B-mol, dass dës 12 Punkten aktuell just fir den öffentleche Statut sinn. POST kann also definitiv houfreg op hier Bréifdréier sinn.

Ech ginn och dovun aus, dass quasi jiddereen am Management respektiv an der Direktioun, sech iwwer de Stellwäert vun eise Métier bewusst ass, a wéi wichteg dese flotten, schwéieren, mee definitiv onverzichtbare Beruff och haut nach ëmmer ass. Wa mir haut den Owend also all eis Postmataarbechter éieren, verweisen ech dowéinst och gären nach emol op déi lescht Sanitärkris, well dës net einfach Zäit, wou mir entgéint deem, wat de Message vun der Regierung war, nämlech doheem ze bleiwen, quasi all op der Aarbechtsplaz am Interessi vun der Allgemengheet geschafft hunn.

A genee des Zäit ënnermauert, wéi wichteg POST mat hire wäertvolle Mataarbechter a Mataarbechterinne fir de Fonctionnement vun eise Land war, ass, an och an Zukunft wäert sinn. An de folgende Saz passt dann och: Ouni déi formidable Déngschtleeschung vu POST Lëtzebuerg, wou em déi 3.300 Mataarbechter Dag fir Dag vill schaffen, wier eist Land definitiv méi schlecht opgestallt, an den Etablissement Public POST, mat senger breet gefächerten Déngschtleeschungen, ass haut am Alldagsliewen, op berufflech oder privat, méi wéi jee onverzichtbar.

A wann de Standuert Lëtzebuerg schonn zënter laange Joren interessant ass fir national, mee och international Investisseuren, dann huet d'POST op Grond vun eise villen, wichte-

gen a performanten Déngschleeschungen, och hir Meritten un där Situatioun, an do hannendrun verstoppen sech nun emol definitiv eis vill Mataarbechterinnen a Mataarbechter.

### Vun der Administratioun bis zur Entreprise publique

Just puer Hiweiser op wichteg Evenementer aus der 182järegger postalescher Geschicht.

- **1852: Créatioun vun dem éischten Timber;**
- **1855: Den éischten Telegraph gouf a Funktioun geholl;**
- **27. August 1875: Do ass deemools decidéiert ginn, dass de Bréifdréiertour net méi grouss wéi 30 Kilometer dierft sinn;**
- **1880: Du sinn déi éischt Telefonen en Place gesat ginn;**
- **1885 gouf an eise Land den éischte funktiounsfäege lokalen Telefonsreseau agefouert, an am Joer 1898 gouf et dunn och en internationale Reseau;**
- **1909: E ganz wichtegen Datum, well dunn ass d'Gewerkschaft vun de Bréifdréier a d'Liewe geruff ginn, mam Wëssen, dass dëst Joer 115 Joer Gewerkschaftsbewegung an der Fonction publique gefeiert gëtt, an d'Vertriedung vun de Bréifdréier, war also vun Ufank un derbäi;**

1914 hunn d'Facteurs de campagne, a Relatioun mat hirer alldeeglecher 30 Kilometer-Tournée dunn autoriséiert kritt, fir ab deem Moment hiren eegene Vëlo kënnen ze benotzen a fir de Courier mam Vëlo ze verdeelen.

Mam net onwichtigen Hiweis, dass déi deemoleg, a laut den Archiven scheinbar ganz besuerchten Direktioun dunn trotzdeem esou güteg a spendabel war, fir bei de concernéierte Bréifdréier esouguer en Deel vun de Reparaturkäschen vum Vëlo ze iwwerhuelen. Här Strasser, ech stelle fest, wat déi deemoleg Direktioun dach awer eng Chance hat, an dass et deemools keng Bréifdréieschgewerkschaft gouf, well esou fragwürdeg Decisiounen wiere mat enger BG mat Sécherheet net ëmsetzbar gewiescht, esou de Juchem Raym

Weider huet de President betount, dass den Etablissement Publique POST an noer Zukunft, a mat grousser Warscheinlechkeet eng bedeitend Hürd wäert iwwersprangen, an zwar, dass de Chiffre d'affaires vun 1 Milliard EUR iwwersprong wäert ginn. Hannert dëser enormer Zuel vum Chiffre d'affaires verstoppe sech honnerte Milliounen Euro u Lounniewekäschen, Steieren, TVA, an déi elo schonn zënter etlech Joren an Staatskeess fléissen. A Relatioun mat eisen héijen Ausgaben, respektiv eise wichtegen Investissementer, verdénge parallel dann och nach ganz vill Betriber, a mat deenen POST deemno indirekt zesumme schafft, dann och ganz vill Geld, a wouduerch also indirekt duerch d'Post, nach emol ganz vill Steieren a Gelder an d'Staatskeess fléissen.

Schlussendlech nach déi vun de Personalvertrieder oft disku-


téiert honnerte Milliounen Euro Dividenden, déi eisen Aktionär, de Staat, an de leschte Joren nach zousätzlech iwwerwise kritt huet. An deem Kontext sief drop higewisen, dass 3 Milliarden Euro Investitiounen vu POST, zum Deel och op Wonsch vun de Regierungen, an de Standuert Lëtzebuerg investéiert huet. Mat dësen erwirtschaftete Suen, ginn an eise Land, da schlussendlech Schoulen, Spideeler, Stroossen an déi enorm héich Sozialausgabe vum Staat, de facto matfinanzéiert.

### 3.300 Mataarbechter a Mataarbechterinnen

An nach emol verweist de President drop, wie schlussendlech verantwortlech fir dës Situatioun ass, an dass den Etablissement Publique POST bis dato e gesonde Betrib ass, dee seng Responsabilitéit vis-à-vis vum Land a Bierger manifestement schonn iwwer laang Jore voll erfüllt huet. Et sinn e.a. eis gutt 3.300 Mataarbechter a Mataarbechterinnen, an et soll een awer haut och op eis Leit hiweisen, déi schonn an hirer verdéngter Pensioun sinn, respektiv och de ville Verstuerwen gedenken, well och si hunn definitiv hir Meritten un der Success Story vun der POST.

Zum Schluss vum Raym Juchem senger Ried war et un den obligatoresche Mercien. Als éischt un de Generaldirekter an den Direktiounscomité vun der POST fir hir Ënnerstützung am Kader vum Bréifdréieschkalenner. Dann e Merci un de Këntschtler fir dee flotten Entworf vum Kalenner, an e Merci gong un d'Dréckerei RekaPrint. Parallel gong dann e Merci un de Service RH vun der POST, déi eis vill flott Photoen zoukomme gelooss hunn an der BG regelméisseg bei Froen an eenzelne Bedürfnisser zur Säit stinn. Dann nach de wichtige Merci un d'Leit aus dem Tri respektiv d'Bréifdréier an d'Bréifdréierinnen, déi fir d'Verdeelung vum Kalenner verantwortlech sinn. Si suergen derfir, dass dëst Joer fir de Stellwäert vun de Mataarbechterinnen an de Mataarbechter vun der POST wäert sensibiliséiert ginn.

Nom Juchem Raym senger Ried war et dunn um Wirtschaftsminister Lex Delles, deen sech de Wieder vum Präsident ugeschloss huet, an d'Postmaatbechterinnen an d'Postmaatbechter gelueft huet, respektiv op den héije Stellwäert vun der Post higewisen huet. Duerno hunn d'Invitéeën den Owend bei enger klenger Agape auslaffe gelooss. Ënnert dem Stréch also erëm eng gelonge Presentatioun vum Bréifdréieschkalenner!





Vision Partner

# ZEISS Sonnebrëller:

modisch,  
individuell fir dech mat  
denger Brëllestärke méiglech,

## 100 % UV-Schutz.

## Bäi eis am Geschäft.



Succ. Nadine MEIS-FROMES

Topaze Shopping Center  
Um Mierscherbiërg

Tel: 32 87 63

[optique-schaefers.lu](http://optique-schaefers.lu)



# Interview Françoise Schlink

## Nei Präsidentin vum Verwaltungsrot vu POST Lëtzebuerg



Den 2. Mäi ass am Regierungsrot decidéiert ginn, dass d’Françoise Schlink d’Relève vum Serge Allegrezza als Präsidentin vum Verwaltungsrot vu POST Lëtzebuerg iwwerhëlt. De Serge Allegrezza war bekanntlech scho virun e puer Méint, a senger Funktioun als Direkter vum Statec, a seng wuelverdénge Pensioon gewiesselt.

**Raym Juchem:** Madame Schlink, als Präsidentin vum der Bréifdréieschgewerkschaft an als Member vum Verwaltungsrot vu POST Lëtzebuerg felicitéieren ech lech direkt emol fir dat Vertraue wat d’Regierung lech entgéint bréngt, andeems dir des wichtegt Mandat als Präsidentin vum Verwaltungsrot vum Etablissement Publique vu POST Lëtzebuerg zougesprach kritt hutt. Kéint dir lech als eicht dann emol eise ville Lieser virstelle?

**Françoise Schlink:** Villmools Merci! Ech si 46 Joer al, an elo säit engem Joer am Verwaltungsrot vu POST Lëtzebuerg, an dëst als ee vun 8 Staatsvertrieder. Donieft sinn ech elo säit iwwer 6 Joer Cabinetscheffin vum Lex Delles, dem aktuelle Wirtschafts- an natierlech domadder och Postminister.

**Raym Juchem:** Wat waren da spontan är éischt Gedanke wou dir d’Info kritt hat, dass lech vun der Regierung des wichtegt Missioun uvertraut gouf?

**Françoise Schlink:** Ech hu mech immens gefreut, mee ech si mir och der grousser Verantwortung bewusst. D’POST

gehéiert mat all senge verschiddenen Aktivitéiten zu de gréissten Employeuren hei am Land, si dréit domadder fir ganz vill Leit Verantwortung a bitt doriwwer eraus Servicer un, déi am Interessi vun der Allgemengheet sinn, sief et d’Bréifpost, déi pünktlech an der Boîte moies muss sinn, den Opbau vum Glasfaserreseau uechtert d’ganz Land oder e Bankkonto fir all Bierger. Presidentin vum Verwaltungsrot vun engem Betrib dierfen ze sinn, deen am Fong systemkritesch fir eist Land ass, ass eng grouss Éier.

**Raym Juchem:** Wéi gesitt dir, respektiv wat sinn an ären Aen dann déi prioritär Missioun vum Verwaltungsrot vu POST Lëtzebuerg, respektiv wéi verstitt dir äre Rôle als nei Präsidentin vun dësem esou wichtegen Etablissement Publique?

**Françoise Schlink:** POST Lëtzebuerg ass effektiv en Etablissement public mat kommerziellem Charakter, deen eng finanziell an administrativ Autonomie huet. Domadder ass et e bësschen eng hybrid Struktur, déi engersäits vum Staat Missiounen operluecht ka kréien, an awer gläichzäiteg eng Entreprise mat Filialen, déi no maartwirtschaftleche Krittere muss fonctionéieren. De Verwaltungsrot muss deemno déi kllassesch Aufgabe vum Verwaltungsrot vun enger Sociéitéit erfëllen, dat ass z.B. d’Strategie definéieren, d’Risike vun der Entreprise evaluéieren, an en huet awer natierlech och eng Kontrollfunktioun, beispillsweis iwwer d’Finanzen an d’Administratioun. De Rôle vum President ass et, fir an deem Kader Impulser ze ginn an de Verwaltungsrot beschtméiglechst z’organisieren.

**Raym Juchem:** Am selwechte Kontext dann d’Fro vum Rôle an der Responsabilitéit vun de jeeweiligen Administrateuren? Mam Wëssen, dass et jiddefalls menger Meenung no, dann awer duerchaus en Ënnerscheid a Bezuch op déi spezifesch Interesse respektiv déi prioritär Aktivitéitsberäicher tëscht den 8 Administrateuren vum Staat, de 6 gewielte Personalvertrieder respektiv den 2 onofhängegen Administrateuren gëtt! Wuelwessend, dass där hir Missioun à la base déi ass, Decisiounen ze huelen, déi virun allem de beschtméigleche Fonctionnement an d’Interesse vum Etablissement Publique POST garantéieren. Eng aner prioritär Zilsetzung déi ass, ze hëllef, fir zukunftsorientéiert Strategie mat ëmzesetzen, déi eng beschtméiglech wirtschaftlech Zukunft vum Groupe erméiglechen, RSE Critère berücksichtegen, an eise wäertvolle Mataarbechter sécher Aarbechtsplazen ze garantéieren.

**Françoise Schlink:** Effektiv ginn et, wann een esou wëll, 3 Gruppe vun Administrateuren. Déi verschidden Administrateure mussen, wéi Dir richteg sot, alleguer den Interêt vu Post Lëtzebuerg am Bléck hunn an och hir Kontrollfunktiooun ausüben, mee et ginn natierlech och Partikularitéiten: D'Staatsvertrieder gi vun der Regierung genannt, kommen aus verschiddene Ministèreen a représentéieren de Staat. Dat heescht implizit, dass si sech do och musse réckversécheren, dass déi grouss Orientéierungen an hir Positiounen am Aklang mat den Interessie vum Staat sinn. D'Personalvertrieder hunn eng betriebsintern Perspektiv, déi immens wäertvoll fir d'Diskussiounen am Verwaltungsrot ass. Dobäi kommen 2 onofhängeg Vertrieder, déi mat hirem Knowhow e spezifesch Expertewëssen erabrénge. Et ass an deem Sënn e gudden Equiliber tëschent de verschiddene Gruppen. Jidderee verfollegt mat sengem spezifische Background zesumme mat der Direktioun e gemeinsamen Interessi, nämlech Post Lëtzebuerg strategesch esou opzesellen, dass laangfristeg d'Aktivitéite wirtschaftlech gesond sinn an domadder gutt Aarbechtsplazen erhale bléiwen a weiderer entstinn.

**Raym Juchem:** De Serge Allegrezza war bekanntlech laang Joren de Präsident vum Verwaltungsrot vu POST Lëtzebuerg. E Wiessel op deem Poste bréngt jo eventuell mat sech, dass dir, a wat sécher och Sënn géif erginn, eng Analyse vun de besteeënde Strukture respektiv dem Fonctionnement vun de verschidde wictegen Organer bei POST Lëtzebuerg a Betruecht zitt. Kann een sech also eventuell drop astellen, dass dir an de nächste Wochen a Méint eenzel Adaptatiounen am Verwaltungsrot wäert proposéiere, respektiv Verännerungen déi dir esouguer direkt ëmsetze wäert?

**Françoise Schlink:** Ech hunn déi grouss Chance, dass de Serge Allegrezza a senger Zäit als President d'Strukturen exzellent opgestallt huet. Hien huet och z.B. immens vill Wäert op d'Weiderbildung vun den Administrateure geluecht. Dat soll natierlech weidergefouert ginn. Mee e Wiessel ass ëmmer e gudden Ament fir zesummen als Verwaltungsrot eng Kéier an sech ze goen, an ze kucken, ob déi Reegelen, déi mir eis ginn hunn, nach ëmmer der Situatioun ugepasst sinn oder mir eise Fonctionnement sollen neie Gegebenheeten upassen. Dat wëll ech am Dialog mat alle Verwaltungsrotsmembere maachen. Mee ech gesinn dat absolut an der Kontinuitéit vun der Aarbecht, déi bis elo gemaach ginn ass.

**Raym Juchem:** Kann een sech eventuell, a Verbindung mat deem Präsidentewissel, esouguer gréisser Ännerungen am Féierungsstil bei der Ausféierung vun ärem wictege Mandat als nei Präsidentin erwaarden?

**Françoise Schlink:** E Féierungsstil ass natierlech ëmmer un d'Perséinlechkeet vun enger Persoun gebonnen a changéiert domadder automatesch bei engem Wiessel. Ech wëll a kann dat dofir och net vergläichen. Ech kann awer soen, dass mir eng gutt Debattekultur wictege ass. Ech mengen,

dass de Verwaltungsrot sech selwer an d'Direktioun muss reegelméisseg challengen a falls et néideg ass, och emol eng extern Expertis dobäi huelen, fir déi beschtméiglech Decisiounen am Interessi vu POST Lëtzebuerg an all senge Mataarbechter ze treffen.

**Raym Juchem:** Ech betoune bekanntlech reegelméisseg, dass den Etablissement Publique POST mëttlerweil an eise Land onverzichtbar ass. Dat aus Siicht vu Regierung, Land, Entrepen an de Bierger. Des Ausso a Relatioun mat all de wictegen Déngschtleeschtung déi d'Post am Alldag an a ville Liewenssituatiounen ubitt. POST ass e.a iwwe d'Bréifdréierinnen a Bréifdréier, mee och duerch vill aner Postmatarbechterinnen a Mataarbechter, a notament duerch hir vill a performant breetgefächert Servicer, quasi all Dag a Kontakt mat all Bierger an de meeschten Entrepen. Wéi gesitt dir perséinlech dann de Rôle vum wictegen Etablissement Publique POST. Dat ënner anerem och a Relatioun mat den héijen Investitiounen vu bal 3 Milliarden Euro an de leschte Joren, an dat e.a am Interessi vum Standuert Lëtzebuerg.

**Françoise Schlink:** Ech kann déi Ausso do nëmmen ënnersträchen. Ech hat virdrun den Terme "systemkritesch" benotzt, mee et ass vill méi wéi dat. De Grond, firwat Post Lëtzebuerg sech an engem schwierigen a ganz konkurrenzuellem Ëmfeld behaapte konnt, ass wëll de Mënsch beim Service am Mëttelpunkt steet. Den direkte Kontakt mat de Leit an d'Qualitéit vun der Berodung an den ugebuedene Servicer, dat ass de Faktor X, deem d'Post vun all senge Konkurrenten ënnerscheet.

**Raym Juchem:** Wéi kann een sech de Kontakt vun der Präsidentin vum Verwaltungsrot mat der Direktioun vum Groupe Post Lëtzebuerg respektiv dem Kontakt zum Generaldirekter Claude Strasser virstellen? An d'Fro op dee Kontakt dann op e permanenten Austausch baséiert ass?

**Françoise Schlink:** Schonn am leschte Joer haten de Claude Strasser an ech e reegelméisseg a gudden Austausch an dee wäert sech elo sécher weider intensivéieren. Et gëtt awer natierlech eng kloer Aufgabeverdeelung tëschent Verwaltungsrot an Direktioun, déi et gëllt ze respektéieren.

**Raym Juchem:** An deem Kontext dann och d'Fro wéi een sech Zesummenaarbecht tëscht der Präsidentin vum Conseil d'Administration Françoise Schlink an dem Wirtschaftsminister Lex Delles ka virstellen? A Relatioun mat de Meetings déi mir als Syndicat des P&T respektiv der Bréifdréieschgewerkschaft mateneen haten, huet ee jiddefalls konnte feststellen, dass de Minister Lex Delles duerchaus un den Aktivitéite vum Groupe POST Lëtzebuerg ass, an och gutt informéiert war.

**Françoise Schlink:** Jo, dat kann ech bestätegen. De Wirtschaftsminister Lex Delles interesséiert sech staark fir d'Post, an e léisst sech ganz reegelméisseg briefen. Als Tutellsminister vu POST Lëtzebuerg huet hien eng grouss Responsabilitéit, an et ass meng Aufgab als Presidentin

vum Verwaltungsrat net nëmmen de Minister z'informéieren, mee och, falls néideg, politesch Instruktiounen sichen ze goen.

**Raym Juchem:** Aktuell sti mir quasi an der Mëtt vun der neier Betriebsstrategie vum Groupe POST. Bekanntlech waren d'Rentabilitéit an RSE Critère wichteg Punkte vun dëser Strategie. Wou sti mir haut, a wéi gesitt dir des wichteg Strategie?

**Françoise Schlink:** Am Beräich vun der RSE, dat heescht der Responsabilité Sociale des Entreprises, ass de Grupp POST definitiv e Virreider, beispillsweis mat dem Erstellen vun engem Nohaltegkeetsrapport nieft dem klassischen Aktivitéitsbericht. Dat misst d'POST als Etablissement public net maachen, mee mécht et nawell. A wat ee mierkt, ass dass wann ee bis ufänkt Nohaltegkeetskrittären ze miessen, da fänkt een och u Strategien z'entwéckele, fir beispillsweis CO2 anzespieren an domadder implizit och Käschten. Beim Courier ass et z.B. eng grouss Leeschtung, dass mir déi Päck, déi net konnten direkt zougestellt ginn, vun an der Moyenne 9,1% am éischte Semester 2023 op duerchschnëttlech 3,9% Ufank 2025 erfogedréckt hunn, wat ee Réckgang vu ronn 60% duerstellt.

D'Rentabilitéit bleift sécher eng grouss mëttel- a laangfristeg Erausforderung. Mir hunn eng relativ héich Käschtesstruktur, an déi léisst sech net esou einfach kompriméieren. Et ass beispillsweis eng Volontéit vun der Post fir gutt Salären ze bezuelen, dat däerf a soll een net a Fro stellen. Dat ass wichteg fir d'Mataarbechter net nëmmen unzezéien, mee och ze halen. Dofir mussen mir dann un anere Schrauben dréien, ewéi z.B. der Produktivitéit duerch eng konsequent an intelligent Digitalisierung, vun där net zulescht och d'Mataarbechter profitéieren.

